Ried vun der Präsidentin Claude Wolf bei Geleeënheet vun der Journée de la Commémoration nationale am Lycée Michel-Rodange den 13. Oktober 2024

Här Chamberspresident
Här Minister
Léif Gäscht vum Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre Mondiale am vum Lycée Michel Rodange, e Lycée, dee bei eis an der Famill e ganz spezielle Stellenwert huet. Mei Mann a mei Fils hun hei hire Premièresexamen gemaach.

Ech sin als Presidentin vum Comité pour la Mémoire frou an houfreg iwwer desst Fest mat séngem flotten, interessanten Programm. Et ass de Beweis, dat den Travail de Mémoire weider geet.

An dat ass noutwendeg.

Mir sin an eisem Komitee zum groussen Deel nach déi éischt Generatioun aus der Nokrichszeit. Mir hun dacks nach aus éischter Hand verzielt kritt, wat geschitt ass.

Mais mir gi all méi aal an eng nei Generatioun muss elo d'Zepter // oder de Flambeau iwwerhuelen.

Mir hun zwar déi wertvoll wessenschaftlech Arbecht vun der Uni Lëtzebuerg mat enger Rei vun Dokteraarbechten zum Thema Zweete Weltkrich.
Mais mir brauchen dernieft awer och Leit aus der Zivilgesellschaft, Leit vum Terrain, déi de Souvenir weider droen …

… an déi d'Lektiounen zéien aus deem wat geschitt ass.

Dat kënne mer schon mat deenen Evenementer maachen, un déi mer virun engem Mount erënnert goufen. Virun 80 Joer goufen d'Stad Lëtzebuerg an 80 Prozent vun eisem Land befreit.

E puer Deeg duerno koum d'Regierung zeréck. D'Liewe konnt erëm ufänken.
Mei Papp, deen zenter 1942 an engem Schweizer Flüchtlingslager gelieft huet, koum Hals iwwer Kapp - an ouni sech bei de Schweizer Behörden ofzemellen - op Lëtzebuerg zeréck, fir no séngem Elterenhaus an hirem Geschäft - wat hir Existenz war - ze kuken.

D'Illusioun vum Krichsenn war awer nëmmen vu kuerzer Dauer.

No drei Méint war de Krich erëm do. Mat der Ardennen-Offensiv ass fir d'éischt op Lëtzebuerger Territoire gekämpft gin. Dir kënnt Iech virstellen, wéi séier mei Papp erëm an der Schweiz war.

Genau wéi hien hun iwwer 70.000 Leit aus dem Eisléck missten flüchten.

Wat seet das eis? Datt de Fridden nët selbstverständlech ass.

Zanter dem Enn vum Zweete Weltkrich ass op ville Plazen nees gekämpft gin. A Korea, am Vietnam, um Balkan,
haut gëtt virun eiser Dir an d'Ukraine oder an der Gazastreif Krich gefouert.
Dat därf een net vergiessen. Dat muss een sech ëmmer ërem virun Aen halen.

Virun zwou Wochen war ech zu Hiroshima, eng weider bedeitend Krichsplaz - an haut eng feierlech Gedenkplaz mat engem Musée durch deen d'Leit ganz lues an praktesch ouni e Wuert ze soen durchginn. Enner hinnen ganz vill Schoulklassen.

Ech hun d'Japaner gefrot, wéi si mat dem Souvenir vum Zweete Weltkrich ëmgin. Si hu mer confirméiert, dass d'Rees op Hiroshima en Deel vum Schoulprogramm ass. Si hu mer awer och gesot : „Mir wëssen dat Japan grouss Fehler gemaach huet, wou et Korea, China an Pearl Harbour ugegraff huet. Dat därf ni méi passéieren. Mir mussen haut alles maachen, fir de Fridden ze erhaalen".

An dann en läscht perséinlecht Erliefnis. Am Virfeld vun der Ausstellung „Babel heureuse", déi e Freideg am Musée vun der Stad Lëtzebuerg opgaangen ass, huet de Professer Bruno Pinchard an enger Konferenz drop higewissen, dat mer déi modern Kommunikatioun an d'Kënstlech Intelligenz nët kënne verstoen, wa mer eis Vergaangenheet nët kënnen, wa mer nët wëssen, wou mer hirkommen. Dat hu virun him och schon anerer gesot, wéi den Platon, Sokrates, den Shakespeare oder de Winson Churchill.Mais ët ass derwärt, dat een doriwwer nodenkt.

Mir brauchen nët an der Vergaangenheet ze liewen, mais ët ass eiser all Aufgab, de Souvenir oprecht ze haalen.
Mat Feieren, wéi déi vun haut. Mat Dokumenter, mat de modernen Medien a mat der Schoul.

Durfir hei elo mei ganz perséinlechen Appell un den Edukatiounsminister:

An Deitschland ass d'Erënnerung en Deel vum Programm an de Schoulen an an der Formatioun vun den Schoulmeeschteren. D'Visiten vun Erënnerungsplazen sin Deel vum Schoulprogramm.

A Frankreich hat d'Madame Elisabeth Borne als Premierminister dess Iddi och ugestouss - a wann ech gesinn, wéi grouss Frankreich an de läschte Méint, mat iwwer 1.000 Festlechkeeten, séng Liberatioun gefeiert huet, dann ass hir Iddi nët ganz verlur gaangen.

Här Edukatiounsminister, léiwe Claude, kommt mir gin an di nämmlecht Richtung. Mir maachen aus dem Souvenir en Deel vum Schoulprogramm. Mat Visiten op den „lieux de mémoire" wéi Cinqfontaines oder der Hollerecher Gare.

Mais doriwwer eraus och mat der Sich no Erënnerungen an den eenzelnen Gemengen, mat punktuellen Aktiounen a Gedenkdeeg, mat Zeremonien, wéi déi vun haut.
Einfach fir zesummen de Gedanken weider ze droen. An domadder Fridden an Toleranz ze stärken.